# VAKANZAKTIVITÉITEN 2022



12-17
JOER/ANS

MIR HALEN EIS UN DÉI SANITÄR MESUREN
NOUS RESPECTONS LES MESURES SANITAIRES

GEMENG
SCHËFFLENG

## AKTIVITÉITE FIR D'JUGEND

ACTIVITÉS POUR JEUNES

Schëfflenger Jugendhaus

# VIRWUERT

## UMELLEN – ZESUMME SINN – DUERCHOOTMEN


Nodeems Dir, jonk Leit, an de leschten zwee Joer op esou villes hutt misste verzichten, freeë mir eis Iech matdeelen ze kënnen, dass d'Gemeng an Zesummenaarbecht mam Schëfflenger Jugendhaus fir dëse Summer nees e volle Programm opgestallt huet. Och wa mir nach net kënne virausgesinn, wéi déi sanitär Situatioun am Juli konkret wäert ausgesinn, si mir optimistesch, dass eng ofwiesslungsräich an abenteuerlech Zäit op Iech waarde wäert. Am Noutfall huet d'Team aus dem Jugendhaus ëmmer eng flott Alternativ parat, déi si Iech kënne proposéieren.

D'Umeldung leeft dëst Joer direkt iwwert d'Jugendhaus. **Notéiert Iech d'Umeldungsdeeg grouss am Kalenner, well d'Plaze fir d'Aktivitéite sinn ewéi ëmmer begrenzt.**

Mir wënschen Iech elo scho flott, kreativ an erhuelsam Summerméint.
Genéisst et zesummen Zäit ze verbréngen, duerchzeootmen an de Moment ze genéissen.

## De Schäfferot:

Paul WEIMERSKIRCH
Albert KALMES
Marc SPAUTZ
Carlo LECUIT



# PRÉFACE

## S'INSCRIRE – ÊTRE ENSEMBLE – PROFITER

La jeunesse a dû renoncer à tant de choses au cours des deux dernières années. C'est pourquoi nous sommes heureux de pouvoir annoncer que la commune, en collaboration avec la Maison des jeunes de Schifflange, a de nouveau mis en place un programme bien rempli pour cet été. Même si nous ne pouvons pas encore prévoir à quoi ressemblera concrètement la situation sanitaire en juillet, nous sommes optimistes et convaincus que de nombreuses aventures vous attendront. Le cas échéant, il y a toujours des alternatives que l'équipe de la Maison des jeunes pourra vous proposer.

Cette année, les inscriptions se font directement à la Maison des jeunes. **Notez bien les jours d'inscription dans votre agenda, car le nombre de places pour les activités est comme toujours limité.**

Nous vous souhaitons un été plein de découverte, de créativité et de détente.
Profitez du temps que vous pouvez passer ensemble, respirez profondément et savourez le moment présent.

### Le Collège échevinal :

Paul WEIMERSKIRCH
Albert KALMES
Marc SPAUTZ
Carlo LECUIT





# AKTIVITÉITEN OP EE BLÉCK | ACTIVITÉS EN APERÇU

## JUNI | JUIN

| | |
|---|---|
| **03.** | Informatiounsversammlung **(Flicht)** \| Réunion d'information **(obligatoire)** |
| **07. & 08. & 09.** | Aschreiwung am Jugendhaus \| Inscription à la Maison des jeunes |

## JULI | JUILLET

| | |
|---|---|
| **15. - 19.** | Downhill (FR) |
| **20.** | Geocaching |
| **21.** | Eifelpark (DE) |
| **22.** | Escape Room |
| **23. - 26.** | Plage (BE) |
| **27.** | Kanu 1 \| Canoë 1 |
| **28.** | En Dag um Séi \| Une journée au bord du lac |
| **29.** | Selfdefense |

## AUGUST | AOÛT

| | |
|---|---|
| **24.** | Kletterhafen \| Quai d'escalade (DE) |
| **25. - 29.** | Schwarzwald (DE) |

**12-17 JOER/ANS**

**30.** Serigraphie

**31.** Lasergame

## SEPTEMBER | SEPTEMBRE

**1.** Fëschen

**2. - 4.** Citytrip Bréissel | Visite de Bruxelles (BE)

**6.** Outdoor Escape Game

**7.** Klammen | Escalade

**8.** Phantasialand (DE)

**9. & 10.** Graffiti

**12.** Boulderen | Escalade de bloc (DE)

**13.** Erlebnisbad | Parc aquatique (DE)

**14.** Pompjeeën | Pompiers

**15.** Kanu 2 | Canoë 2

**23.** Kachen | Cuisiner

**23.** Ofschlossfeier | Fête de fin de vacances d'été







# INFORMATIOUNSVERSAMMLUNG | RÉUNION D’INFORMATION

**FLICHT | OBLIGATOIRE**

## JUGENDHAUS | MAISON DES JEUNES   03.06. | 18H00

Dës Versammlung ass **obligatoresch fir dech an deng Elteren**, wanns du un de Summeraktivitéite mat Iwwernuechtung wëlls deelhuelen.

Se ass awer och ganz interessant fir déi aner Aktivitéiten. Hei kriss du all déi néideg Informatiounen iwwert den Oflaf vun allen Aktivitéiten a Projeten an der Summervakanz.

D’Versammlung erméiglecht dir, däi Material schonn am Virfeld ze preparéieren.

---

Si tu souhaites participer aux activités de vacances d’été avec nuitée, la participation à la réunion d’information est **obligatoire pour toi et tes parents**.

Lors de celle-ci toutes les informations nécessaires au bon déroulement des différentes activités seront transmises aux participants. Ceci te permettra de te préparer au préalable à l’aventure.

La réunion est également intéressante pour ceux qui veulent participer aux activités sans nuitées.

# ASCHREIWUNGEN

Komm mat dengen Elteren op d'Infoversammlung (03.06) oder op ee vun de folgenden Datumer an den Aschreiwbüro an d'Jugendhaus fir dech anzeschreiwen:

**07. Juni: 14.00 – 16.00 Auer**
**08. Juni: 16.00 – 18.00 Auer**
**09. Juni: 17.00 – 19.00 Auer**

Dee Moment kriss du dann och all d'Infoe Punkto Auerzäiten, Treffpunkt a Materiallëscht.

**D'Participatioun muss och dee Moment bezuelt ginn.**

# INSCRIPTIONS

Pour t'inscrire tu pourras soit passer avec tes parents à la séance d'information (03.06) ou à la Maison des jeunes à une des dates suivantes :

**07 juin: 14h00 – 16h00**
**08 juin: 16h00 – 18h00**
**09 juin: 17h00 – 19h00**

A ce moment on te donnera toutes les infos concernant les heures et points de départs ou de rencontre ainsi que la liste de matériel.

**La participation est également à payer à ce moment.**












FILA













# DOWNHILL (FR)

80€

PATRICK 15.-19.07.

Adrenalin, Spaass an Erhuelung ass de Motto vum Ausfluch. Mir ginn a Frankräich Downhill fueren, hei fuere mir mam Mountainbike d'Pisten erof. Ënnert anerem steet och Waasserspaass an Erhuelung un: schwammen, spillen oder einfach nëmme beim Waasser leien an d'Natur genéissen.

D'Iwwernuechtunge fannen um Camping statt.

**Fir dës Aktivitéit ass eng gewësse Fitness a Maîtrise vum Vëlo Viraussetzung. Fir kënne matzegoe muss du min. 5 Mol virdrun op de Vëlostraining kommen.**

---

Adrénaline, amusement et repos sont la devise du séjour. Nous allons faire du Downhill en France, où nous descendons en VTT les pistes de ski. En outre il y aura aussi des attractions aquatiques qui nous garantissent beaucoup de plaisir et du repos dans l'eau et la nature.

L'hébergement se fait au camping.

**Pour ce séjour une certaine condition physique et la maîtrise du vélo sont exigées. En plus, la participation à min. 5 entraînements de vélo au préalable est obligatoire.**

# GEO-CACHING

GRATIS GRATUIT

JANINE 20.07.

Zesumme maache mir eis zu Fouss op de Wee fir mat Hëllef vun engem GPS oder Smartphone deen een oder anere Schatz ze fannen.

Le Geocaching est une activité de plein air consistant à retrouver dans la nature, à l'aide d'un GPS ou d'un smartphone, des « trésors » cachés par d'autres personnes.

# EIFELPARK (DE)

20€

JANINE 21.07.

Mir verbréngen een Dag am Eifelpark zu Gondorf (Däitschland). Et sti Spaass an Action um Programm.

Nous passons une journée au Eifelpark à Gondorf (Allemagne). Une journée d'amusement et d'action vous attend.











# ESCAPE ROOM

5€

JANINE 22.07.

Spaass a Rätsele léisen. Zesumme probéiere mir aus dem Escape Room z'entkommen.

Amusement et énigmes. Ensemble nous allons essayer de nous libérer d'un Escape Room.

# PLAGE (BE)

35€

SARAH 23. - 26.07.

Zesumme verbréngen an erliewe mir puer flott Deeg op der Belscher Plage.

Mir iwwernuechten um Camping oder an enger Jugendherberg.

Nous partons à la plage belge.

Nous passerons les nuits au camping ou dans une Auberge de jeunesse.

# KANU 1 | CANOË 1

**10€**

JANINE 27.07.

Mir erliewen e flotten Dag um Waasser beim Kanu fueren.

**Fir dës Aktivitéit muss du schwamme kënnen.**

Nous allons passer une journée sur l'eau à bord d'un canoë.

**Pour participer à cette activité, il est indispensable de savoir nager.**

# EN DAG UM SÉI | UNE JOURNÉE AU BORD DU LAC

**5€**

SARAH 28.07.

Mir erliewen e flotten Dag beim Waasser mat Picknick, Schwammen, Sport a Relaxen.

**Fir dës Aktivitéit muss du schwamme kënnen.**

Une journée au Lac avec pique-nique, baignade, sport et relaxation.

**Pour participer à cette activité, il est indispensable de savoir nager.**









# SELF-DEFENSE

5€

SARAH 29.07.

Mir léieren déi wichtegst Gréffer an Technike fir eis a verschidde Situatioune kënnen ze verdeedegen.

Nous allons apprendre différentes techniques pour pouvoir nous défendre dans des situations diverses.

# KLETTERHAFEN (DE) | QUAI D'ESCALADE

10€

FILIPE 24.08.

Mir verbréngen e Mëtteg am Kloterpark zu Mäerzeg (Däitschland).
Hei kanns du dech op verschiddene Parcoursen ausprobéieren, en Adrenalin-Kick mat de „Flying Foxes" kréien a Spréng aus diversen Héichte woen.

Nous te proposons un après-midi rempli de sensations fortes au parc accrobranche à Merzig (Allemagne).
Tu pourras essayer les différents parcours d'escalade, grimper et sauter dans l'altitude.

# SCHWARZWALD (DE) | FÔRET NOIRE

50€

JANINE 25.-29.08

Mir fuere fir 5 Deeg an de Schwarzwald an Däitschland fir an der Natur sportlech Aktivitéiten zesummen z'erliewen. Duerch d'Wanderen entdecke mir d'Biosphär vum Feldberg an d'Waasser bitt eis déi néideg Erfrëschung.

**D'Iwwernuechtung fënnt op engem Camping ënnert fräiem Himmel respektiv a Refugë statt.**

---

Nous partons en Forêt Noire (Allemagne) pour pratiquer des sports « nature ». Durant le trekking, nous découvrirons la nature du Feldberg. Les fleuves et les lacs nous procureront un rafraîchissement.

**L'hébergement se fera sous forme de camping en plein air respectivement dans des refuges.**









# SERI-GRAPHIE

10€

FILIPE 30.08.

Mir entdecken d'Technik vun der Serigraphie op Pabeier an op Textil. Am Laf vum Dag kanns du deng eege Motiver kreéieren.

Nous te proposons de découvrir la sérigraphie sur papier ainsi que sur textile. Au long de la journée tu pourras créer tes propres motifs.

# LASER-GAME

10€

FILIPE 31.08.

Tob dech bei enger Partie Lasergame aus.

Viens te défouler avec tes amis autour d'une partie de Laser Game.

# FËSCHEN

5€

PATRICK 01.09.

Hei gi mir ee Moie laang Kaarpe fëschen a verbréngen ee rouegen Dag beim Waasser.

Nous partons pour une longue matinée à la pêche de la carpe et vivrons une journée calme au bord de l'eau.

# CITYTRIP BRÉISSEL | VISITE DE BRUXELLES (BE)

20€

FILIPE 02. - 04.09.

Mir verbréngen e puer Deeg zu Bréissel, entdecken d'Stad an hir flott Muséeën an natierlech och Spezialitéiten ewéi Fritten a belsche Schockela.

Pendant ce séjour, nous t'invitons à visiter la ville de Bruxelles avec ses nombreux musées. Tout cela sans oublier de goûter aux frites et aux chocolats belges.









# OUTDOOR ESCAPE GAME

5€

SARAH 06.09.

Spaass a Rätsele léisen. En Escape Game emol e bëssen anescht well en dobausse stattfënnt.

Amusement et énigmes. Un jeu d'escape en plein air.

# KLAMMEN | ESCALADE

5€

SARAH 7.09.

Wollts du d'Klammen um Seel schonn ëmmer eng Kéier ausprobéieren oder hues du schonn Erfarung a wëlls deng Technik verbesseren? Dann ass dës Aktivitéit genau déi richteg fir dech.

Tu voudrais essayer l'escalade en corde? Tu as déjà d'expérience et tu voudrais affiner ta technique? Alors cette activité est faite pour toi.

# PHANTASIALAND (DE)

25€

SARAH 08.09.

Mir verbréngen e ganzen Dag am Phantasialand.

Fréi moies geet et mam Reesbus dohin a mir bleiwen do bis de Park seng Dieren zou mécht.

Nous allons passer une journée au parc d'attractions « Phantasialand ».

Nous partirons en bus de Schifflange très tôt le matin et resterons au parc jusqu'à la fermeture des portes pour profiter un maximum de la journée.

# GRAFFITI

20€

FILIPE 09 & 10.09.

Hei kanns du Erfarungen am Spraye kréien an zesummen e flotte Graffiti zu Schëffleng kreéieren.

Pendant ce stage tu pourras te lancer dans le monde du graffiti et auras la possibilité de réaliser une grande fresque en groupe.







# BOULDEREN | ESCALADE DE BLOC (DE)

10€

JANINE 12.09.

Boulderen ass Klammen ouni Seel an enger Ofspronghéicht. Och ouni Seel bass du bei dëser Klammaktivitéit duerch Spotten ëmmer sécher.

L'escalade de bloc est une discipline sportive qui consiste à grimper des blocs de faible hauteur. Le bloc se pratique aussi bien en extérieur, sur des sites rocheux, qu'en intérieur, sur des structures artificielles.



# POMPJEEËN | POMPIERS

5€

SARAH 14.09.

Mir verbréngen een Dag bei de Pompjeeën a kréien e klengen Abléck an hier d'Aarbecht

Nous allons passer une journée chez les pompiers où nous allons recevoir un petit aperçu de leur travail.

# ERLEBNISBAD | PARC AQUATIQUE (DE)

10€

JANINE 13.09.

D'Erlebnisbad erméiglecht iech en Dag ze verbréngen, op deem dir Spaass hutt, iech kënnt op de Rutsch- a Wildwasserbahnen austoben an iech beim an am Waasser erhuelen.

**Fir dës Aktivitéit muss du schwamme kënnen.**

---

Un bateau de pirate, des toboggans impressionnants et variés avec ou sans bouée, un canal à courant ou encore un monde sous-marin avec son propre récif attendent les adeptes du sport aquatique. Mais aussi des moments relax sont au programme et permettent aux participants de passer une journée détente.

**Pour participer à cette activité, il est indispensable de savoir nager.**









# KANU 2 | CANOË 2

10€

JANINE 15.09.

Mir erliewen e flotten Dag um Waasser beim Kanu fueren.

**Fir dës Aktivitéit muss du schwamme kënnen.**

Nous allons passer journée sur l'eau à bord d'un canoë.

**Pour participer à cette activité, il est indispensable de savoir nager.**

# KACHEN | CUISINER

GRATIS GRATUIT

SARAH 23.09.

Mir bereeden zesummen d'Iesse fir d'Ofschlossfeier vir.

Ensemble, nous préparons le dîner pour la fête de fin des vacances d'été.

# OFSCHLOSSFEIER I FÊTE DE FIN DES VACANCES D'ÉTÉ

## 23.09. I 19.00 AUER

## JUGENDHAUS I MAISON DES JEUNES

D'Ofschlossfeier markéiert d'Enn vun de Summeraktivitéiten. Hei sinn d'Participanten an hir Elteren, esou ewéi d'Animateuren an d'Mataarbechter aus dem Jugendhaus häerzlech wëllkomm Deel ze huelen. Fir Gedrénks an Iesse suergen déi Jonk am Kader vun eiser Kachaktivitéit. Mir loossen de Summer unhand vu Fotoe Revue passéieren a kënnen deenen aneren erzielen, wat mir alles erlieft hunn.

À la fin des activités, nous souhaitons inviter tous les participants ainsi que leurs parents, les animateurs et les éducateurs à passer une dernière soirée ensemble pour partager les bons moments des activités de l'été autour d'un petit festin organisé par les jeunes.







# KONTAKTER | CONTACTS

Wann dir weider Informatioune braucht oder Froen hutt, da kënnt dir beim jeeweilege Responsabele vun den Aktivitéiten nofroen.

Pour plus d'informations ou en cas de questions, n'hésite pas à contacter le responsable de l'activité ou la Maison de jeunes.


## PATRICK DE OLIVEIRA
patrick.deoliveira@youth.lu

## JANINE SMITH
jsmith@youth.lu

## SARAH COLIGNON
sarah.colignon@schefflenger-jugendhaus.lu

## FILIPE RODRIGUES
filipe.rodrigues@schefflenger-jugendhaus.lu



## SCHËFFLENGER JUGENDHAUS | MAISON DES JEUNES DE SCHIFFLANGE

T. 26 53 08 50 Schefflenger Jugendhaus www.schefflenger-jugendhaus.lu



ÄR EKIPPE VUM JUGENDHAUS SCHËFFLENG
L'EQUIPE DE LA MAISON DES JEUNES DE SCHIFFLANGE










TAUSCH SCHAF





# NACH NÄISCHT FONNT?
# ENCORE RIEN TROUVÉ ?

D'Jugendhaiser aus den Nopeschgemengen organiséieren och Aktivitéite fir déi s du dech kanns umellen.

Les Maisons des jeunes des communes avoisinantes organisent également des activités auxquelles tu pourras t'inscrire.

## ESCH – Service Jeunesse Esch

27 54 55 30 / 621 349 867
jeunes@villeesch.lu
service jeunesse esch/alzette
service_jeunesse_esch

## ESCH – Maison des Jeunes

54 91 40 / 621 471 741
joyce@crijesch.lu
Escher Jugendhaus

## KAYL-TETANGE – Maison des Jeunes


26 56 30 04 / 691 563 504
kayl@pt.lu
Jugendtreff Käl/Téiteng

## MONDERCANGE – Maison des Jeunes JUMO

55 05 74-560 / -561 / -562
info@jumo.lu
JUMO Jugend Monnerech

## RUMELANGE – Maison des Jeunes

26 56 00 82
jugendhaus.remeleng@youth.lu
Jugendhaus Rëmeleng
jhremeleng
jh_remeleng





GEMENG
SCHËFFLENG